

Joëlle Damé
Präsidentin vum SEW/OGBL

# D'Reform Alpha kënnt ab der nächster Rentrée

**Den 3. Dezember ass d'Reform ALPHA-zesumme wuessen an der Chamber mat enger grousser Majoritéit gestëmmt ginn: just den ADR huet dergéint gestëmmt an d'Piraten hu sech enthalen.**

Domat sinn d'Weiche gestallt, a mir mussen eis op déi nei Realitéit astellen. Mir bedaueren nach wie vor, dass net méi op d'Doleancë vun de Gewerkschafte gelauschtert a kee méi nuancéierten a kontroversen Debat am Virfeld gefouert gouf.

Et gouf een an de leschte Méint d'Gefill net lass, dass esouguer d'Oppositiounsparteie gezéckt hunn, sech kritesch zum Projet ALPHA-zesumme wuessen ze äusseren. Ëmmer nees gouf ënnerstrach, dass de Projet schlussendlech jo awer zu méi Bildungsgerechtegkeet féiere géif, an ee sech deemno net dergéint positionéiere kéint.

Dës Argumentatioun gräift an eisen Aen ze kuerz. Natierlech kann eng Alphabetiséierung op Franséisch fir een Deel vun eise Schüler eng reell Opportunitéit sinn. An zwar fir déi romanophon Kanner mat engem mëttlere bis héije sozioekonomeschem Status.

Allerdéngs muss ee sech d'Fro stellen, inwifern déi aktuell geplangten Ëmsetzung vum Projet een negativen Impakt op de Schoulbetrib wäert hunn a wéi vill Ressourcë vun anere Kanner mat Bildungsbenodeelegung ofgezu wäerte ginn, fir eng Schoulorganisatioun mat zwou Alphabetiséierungssproochen ze stemmen. Falls Ressourcen an Hëllefsmesure fir aner benodeelegt Schüler ewech falen, steet d'Argument vu méi Bildungsgerechtegkeet op eemol op wackelege Been.

Den SEW/OGBL warnt virum ganz konkrete Risiko, dass weider Stonne mat Hëllefsmesuren un d'Reform ALPHA-zesumme wuessen verluer ginn. Sou gouf elo schonn an e puer Direktioune gesot, d'Enseignanten sollte sech drop astellen, hiren Appui pédagogique an Zukunft an enseignement direct ëmzewandelen .

Weider besteet d'Gefor, dass weider Contingentstonnen, déi gebraucht ginn, fir déi duebel Alphabetiséierung ëmzesetzen, feele fir zum Beispill Cours d'appui ze organiséieren. Schonn haut ass et schwéier, eng Schoulorganisatioun opzestellen déi de Besoine vun de Schüler gerecht gëtt. D'Ëmsetzung vun der Reform ALPHA-zesumme wuessen wäert dës Situatioun verschäerfen.

Iwwregens steet am Moment nach op, inwifern d'Alphabetiséierung op Franséisch sech op d'Bildungschance vu romanophone Schüler auswierke wäert. Eréischt wann déi éischt Kohorte am Cycle 4 orientéiert gëtt, kënne mir festmaachen, wéi grouss den Impakt op d'Bildungsweeër tatsächlech ass. Bis dohin ass et eng Reform mat oppenem Enn.

Genau esou ass d'Fro vun der praktescher Ëmsetzung nach net ofschléissend gekläert. Ginn et an enger Rei vu Schoule schonn déi néideg Infrastrukturen, sou gëtt et dach eng Rei Gebaier, déi keng zousätzlech Säll méi hunn an deemno warscheinlech ganz séier an d'Laberente kommen.

Esou eng déifgräifend Reform wéi ALPHA-zesumme wuessen duerf einfach net duerchgeprescht ginn, esou laang et nach keng Äntwert op all dës pertinent Froe gëtt.

Dofir stéiere mir eis drun, dass déi séier Ëmsetzung vun der Reform ALPHA-zesumme wuessen als alternativlos duergestallt gëtt. Dat ass esou net richteg an och net opportun. Mir hu bei der Ëmsetzung vun der Inklusioun gesinn, wouhin et féiert, wann eng Reform eleng opgrond vun enger ideologescher Vue an engem staarke politeschem Wëllen duerchgezu gëtt, ouni op d'Awänn vun den Enseignanten ze lauschteren. Haut sti mir virun de Schierbele vun der Inklusioun an de Minister probéiert am Moment, mat ënnert anerem enger nationaler Consultatioun, d'Weichen nei ze stellen.

Mir duerfen et bei der Reform ALPHA-zesumme wuessen net esou wäit komme loossen. De Ministère muss op d'Bedenke vun de Leit lauschteren an hir Doleancen eescht huelen. Mir riskéiere soss, dass eng weider Reform auf Biegen und Brechen duerchgezu gëtt, ouni d'Akzeptanz vun enger ganzer Rei vun Enseignanten, déi se awer ëmsetze sollen. Eis Erfarung mat der Inklusioun misst eis geléiert hunn, dass dat riicht an d'Mauer geet.

## Tour vun de Gewerkschafte bei de politesche Parteien

All dës Bedenken huet den SEW/OGBL de politesche Parteie virum Vote vun der Reform matgedeelt. Mir hunn hinnen am Detail erkläert, wou et eiser Meenung no Problemer gi wäert an op wat ee bei der Ëmsetzung vun esou enger grousser Reform oppasse muss. Mir hunn den Tour vun de Parteie mat eise KolleegInnen vum SNE/CGFP gemaach, well mir eis eens waren, dass et bei esou engem wichtege Sujet Eenheet a Geschlossenheet brauch.

An awer... An awer ass d'Reform den 3. Dezember mat enger iwwerragender Majoritéit gestëmmt ginn. Zwar gouf am Debat vun alle Parteien ënnerstrach, dass ee sech Gedanke mécht ëm d'Ëmsetzung, mee scheinbar waren des Bedenken net grouss genuch, fir Gesetzesännerungen ze fuerderen.

De Ricardo Marques vun der CSV an d'Francine Closener vun der LSAP hunn, deels opgrond vun de Gespréicher déi si mat de




Gewerkschaften haten, jeeweils eng Motioun eraginn. D'LSAP huet de Vote vum Gesetzesprojet esouguer dovunner ofhängeg gemaach, ob hir Motioun géif ugeholl ginn. Déi zwou Motioune sinn effektiv ugeholl ginn, esou dass d'LSAP d'Reform ALPHA-zesumme wuessen *in fine* mat gestëmmt huet.

D'Motioun ass een Instrument, dat den Deputéierten zur Verfügung steet fir parlamentaresch Kontroll a politeschen Drock op d'Regierung auszeüben. Eng Motioun ass zwar kee Gesetzestext, an domat net rechtlech bindend, an awer ass et ee kloren Optrag un d'Regierung, déi dës net esou einfach ignoréiere kann.

Insofern lount sech eng méi genau Analyse vun deenen zwou Motiounen, déi Dir hannert dësem Artikel fannt.

### Motioun 1 PL 8587, deposéiert den 3. Dezember 2025 vum Deputéierte Ricardo Marques:

Den Deputéierte Ricardo Marques fuerdert a senger Motioun:

» à presenter chaque année, jusqu'en 2032 inclus, une analyse d'impact de «ALPHA zesumme wuessen », portant notamment sur l'évolution de la réussite scolaire;

» à etablir un rapport d'évaluation, élaboré par le Conseil scientifique, portant sur les classes pilotes du cycle 4 ;

» à créer, jusqu'en 2032 inclus, sous la coprésidence du Script et de la Direction générale de l'enseignement fondamental, un comité d'accompagnement et de suivi du projet « ALPHA - zesumme wuessen », composé de représentants des enseignants, des parents, des directions régionales, se réunissant au moins deux fois par an, assurant le suivi de la mise en oeuvre de la réforme au niveau national, évaluant régulièrement ses effets et pouvant formuler, le cas échéant, des recommandations d'adaptation.

Déi éischt Fuerderung ass ganz interessant, well am Rapport ALPHA-zesumme wuessen vum Juli 2025 steet:

„La Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative du SCRIPT a analysé l'évolution des taux de rallongement dans les écoles pilotes pour tirer des conclusions quant à la réussite scolaire des élèves des classes pilotes. Sur le plan quantitatif, les données recueillies dans les quatre écoles pilotes montrent que le taux d'allongement au cycle 2.2 en 2024/2025 est inférieur de 5,5 points de pourcentage à la moyenne des huit années précédentes. Le taux d'allongement est tombé à 15,6 %, ce qui constitue le taux le plus bas enregistré dans ces écoles depuis 2016/2017, représentant une baisse relative d'environ 25 % par rapport à la moyenne des années précédentes."

Dëse Constat gouf dann an Diskussiounen ëmmer nees ervir gehuewen, fir drop hinzeweisen, dass, opgrond vun enger méi klenger Zuel vu Rallongementer, manner personell Ressource gebraucht wäerte ginn.

Sou schreift de Minister Meisch och a senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 1945 :

„Allerdéngs kann een dovunner ausgoen, datt d'Generalisatioun vun der Méiglechkeet vun enger Alphabetisatioun op Franséisch oder Däitsch à moyen terme dozou féiere wäert, datt et zu enger Reduzéierung vun den Allongementer kënnt. Heiduerch kann d'Dauer vun de schoulesche Parcourse vun de concernéierte Schüler verkierzt ginn, wouduerch dann de Schätzungen no 80 Posten nees kennen agespuert ginn."

Esou eng Ausso ass méi wéi gewot, well mir beweegen eis hei kloer am Beräich vun der Spekulatioun. D'Kohorte vum Pilotprojet ass einfach ze kleng, fir elo scho kënne Schlussfollgerungen um nationale Plang ze zéien, wat d'Rallongementer ugeet. An deem Sënn ass d'Fuerderung vum Deputéierte Ricardo Marques méi wéi pertinent, a mir wäerten d'Evolutioun vun dësen Zuelen am SEW/OGBL ganz genau am A behalen.

Dat selwecht gëllt fir déi zweet Fuerderung. Wann d'Reform ALPHA-zesumme wuessen ee reellen Impakt op Bildungsgerechtegkeet soll hunn, muss dat sech *in fine* och an der Orientatioun erëmspigelen. Da muss déi grouss Schéier tëscht Schüler mat a Schüler ouni Migratiounshannergrond e gutt Stéck zougoen an eng noweisbar Zuel vu bildungsbenodeelegte Kanner muss d'Méiglechkeet op ee méi héije Bildungswee kréien. Wann dat net de Fall ass, ass d'Reform hirem Usproch, fir méi Bildungschancen ze suergen, net gerecht ginn.

Bei den zwou éischte Fuerderungen ass et entscheedend, dass d'Evaluatioun transparent Donnéeën a präzis Indicateure liwwert, déi iwwerpréifbar sinn an domat eng kloer Analyse erméiglechen.

Mir ënnerstëtzen och déi drëtt Fuerderung no engem Comité d'accompagnement vum Deputéierte Ricardo Marques. Dëse Comité d'accompagnement kann och nëmme wierklech e Mehrwert hunn, wann d'Participatioun vun de Vertrieder vum Léierpersonal net symbolesch bleift, mee konkret Matgestalten erméiglecht, an d'Observatiounen an d'Recommandatioune bei Problemer och tatsächlech zu Adaptatioune féieren.

### Motioun 4 PL 8587, deposéiert den 3. Dezember 2025 vun der Deputéierten Francine Closener:

D'Deputéiert Francine Closener fuerdert an hirer Motioun:

» Garantir qu'un nombre suffisant de personnel dûment qualifié et possédant les compétences pédagogiques requises soit disponible pour assurer la mise en œuvre généralisée du projet ALPHA – zesumme wuessen, en créant les conditions nécessaires en matière de recrutement, de formation initiale et continue

ainsi que d'attractivité de la profession enseignante;

» Garantir, en étroite collaboration avec les communes et les directions régionales, que la mise en œuvre généralisée du projet ALPHA- zesumme wuessen ne se traduise pas par une réduction du temps dédié aux cours d'appui mis à disposition des élèves – le cas échéant en envisageant une adaptation du mécanisme du contingent;

» S'assurer, en soutenant le cas échéant les communes, que chaque établissement dispose d'un nombre adéquat de salles pour répondre aux besoins du projet d'alphabétisation et que chaque enfant puisse être scolarisé dans des espaces pédagogiques appropriés.

Déi éischt Fuerderung kléngt op den éischte Bléck ambitiéis, bleift awer ze allgemeng: „genuch qualifizéiert Personal garantéieren" ass eng Selbstverständlechkeet an entspriécht deem, wat de Ministère zanter Joren als Zil deklaréiert (Rekrutement, Formation initiale/continue, Attraktivitéit vum Beruff). Genee dofir ass dëse Punkt als politesch Fuerderung wéineg gräifbar.

Wann d'Generaliséierung vum Projet ALPHA- zesumme wuessen seriö soll ëmgesat ginn, misst d'Motion virun allem beim Contingent konkret ginn. Den OEJQS weist drop hin, datt d'Personalressourcen am System ugepasst musse ginn – an do hätt een erwaart, dass d'Motion präziséiert, wéi de Basiscontingent an zousätzleche Contingent sollen evoluéieren, ebe lo grad am Kontext vun der duebeler Alphabetiséierung.

Eréischt an der zweeter Fuerderung gëtt de Contingent mat an d'Spill bruecht, an dëst an Zesummenhang mat den Hëllefsmesuren, déi eventuell reduzéiert musse ginn, wann de Contingent et bei der Schoulorganisatioun mat ALPHA- zesumme wuessen net méi hir gëtt.

Déi zweet Fuerderung geet an déi richteg Richtung, well si eng reell Gefor um Terrain opgräift: nämlech dass d'Generaliséierung vun der Reform ALPHA – zesumme wuessen um Enn op Käschte vum Cours d'appui an domat vu wichtegen Differenzéierungsofferen goe kann.

Gläichzäiteg muss d'Fuerderung méi gräifbar ginn. Wann d'Deputéierten novollzéie wëllen, ob dësem Punkt vun hirer Motioun Rechnung gedroe gëtt, brauch et ee Monitoring. D'Evolutioun vun de Contingentstonnen, déi fir mesures d'appui benotzt ginn, mussen all Joer kloer an transparent vum Menje matgedeelt ginn.

Gläichzäiteg brauche mir genau Zuelen dozou, ob méi Enseignanten hiren appui pédagogique an enseignement fondamental ëmwandelen. Falls dëst de Fall ass, muss iwwerpréift gi wat d'Ursaach dovunner ass.

All dëst gëtt dës Motioun awer net hir, esou dass et an der Responsabilitéit vun den Deputéierte läit, dës Zuelen anzefuerderen an ze iwwerpréiwen.

Déi drëtt Fuerderung mécht per se och duerchaus Sënn: ouni genuch Klasseraim kann d'Reform ALPHA – zesumme wuessen am Alldag net optimal ëmgesat ginn. Mee gläichzäiteg stellt sech d'Fro, wéi vill Reaktiounsméiglechkeet nach bleift, wann elo, nom Vote vum Gesetz, festgestallt gëtt, dass d'Infrastrukturen net duerginn op verschidde Plazen. En Zréckrudderen bei der Ëmsetzung vun der Reform ass kaum machbar: d'Gesetz ass gestëmmt ginn an et ass elo un de Gemengen an de Schoule fir ze kucken, dass si Léisunge fannen, och wann dës suboptimal sinn.

Deemno hätt et méi Sënn gemaach, sech z'assuréieren, dass genuch Klasseraim do sinn, ier een dëst Gesetz matgestëmmt hätt. Am Nachhinein schéngt den Handlungsraum dach zimmlech ageschränkt.

## Iwwerraschende politesche Revirement am Dezember, nom Vote vum Gesetz:

Ee vun den Haaptkritikpunkte vum SEW/OGL un der Reform ALPHA – zesumme wuessen war vun Ufank un, dass vu Vertrieder vum Menje behaapt gouf, déi duebel Alphabetiséierung hätt keen Impakt op den Enseignement secondaire.

Mir hunn an eisen Interventiounen an diverse Gremien sou wéi per Communiqué an Artikelen ëmmer nees drop higewisen, dass dës Positioun net stëmmeg, an dës Behaaptung net realistesch ass. Vun offizieller Säit gouf et awer weiderhin dee klore Message, dass een sech besser Resultater wéi bis ewell an deenen zwou Sproochen erwaarde géif.

Nom Vote vum Gesetz koum et dunn iwwerraschend zu engem Revirement. An der Emissioun „Background am Gespréich" den 20. Dezember huet de Luc Weis ugekënnegt, dass d'Programmer am Enseignement Secondaire bis 2030 géifen ugepasst ginn. Domat gëtt der Fuerderung vum SEW/OGBL Rechnung gedroen, dee ganze Sproochenunterrecht op de Leescht ze huelen.

Allerdéngs hätte mir eis gewënscht, dass virum Vote vum Gesetz ALPHA – zesumme wuessen schonn éierlech an transparent iwwert méiglech Repercussiounen op den Enseignement Secondaire diskutéiert gi wier. Dëst wier dann och d'Opportunitéit gewiescht, de Sproochenunterrecht als Ganzes – vu Cycle 1 bis 1ère - unzegoen.

Natierlech wier dëst politesche Sprengstoff gewiescht, well och d'Enseignanten aus dem Enseignement Secondaire hir Virstellungen a Fuerderunge mat op den Dësch geluecht hätten.

Et ass vill méi einfach, eng politesch Agenda duerchzezéien, wann ee grouss Changementer an der Educatioun mat der Salami-Technik duerchsetzt. Et reduzéiert een domat d'Unzuel vu Kritiker, fräi nom Prinzip *divide et impera*.

An dësem Fall huet de Minister sech virun allem misse mat der Kritik vun de Gewerkschaften aus dem Enseignement Fondamental beschäftegen. Ausser dem Departement Enseignement Secondaire vum SEW/OGBL huet, eises Wëssens no, virum Vote vum Gesetz keng aner Gewerkschaft mat klore Revendicatioune Positioun bezunn.

Doriwwer eraus sinn d'Gewerkschafte vum Enseignement Secondaire nom Vote vum Gesetz an enger geschwächter Positioun, well de Minister Meisch scho Fakte geschaf huet. D'Gesetz ALPHA – zesumme wuesse kënnt, a well dëst, entgéint dem wat déi Jore virdru vun offizieller Säit verséchert gouf, ganz kloer een Impakt op den Enseignement Secondaire wäert hunn, bleift den Enseignanten aus de Lycéeë soss näischt iwwreg, wéi sech den neie Gegebenheeten unzepassen.

## An elo?

D'Gesetz ALPHA – zesumme wuessen ass an der Chamber gestëmmt ginn. Als Gewerkschaft musse mir de Wëlle vun de Volleksvertrieder respektéieren. Allerdéngs ass et elo eis Aufgab, grad esou wéi déi vun den Deputéierten, bei der Ëmsetzung ganz genau hinzekucken, Transparenz a Kloerheet anzefuerderen, an déi néideg Adaptatiounen an d'Weeër ze leeden.

## Compte rendu de la table ronde du 4 février 2026

# L'alphabétisation en français vise à rendre l'école plus équitable

Une table ronde, organisée par le département des Immigrés de l'OGBL et le syndicat Éducation et Sciences (SEW) de l'OGBL, a eu lieu le 4 février à la Chambre des salariés (CSL), à Bonnevoie, pour discuter de la réforme Alpha, qui introduit l'alphabétisation en français dans l'enseignement fondamental (enseignement primaire) dans les écoles publiques luxembourgeoises, qui entrera en vigueur dès la prochaine année scolaire 2026/2027 et permettra aux parents de choisir s'ils souhaitent que leurs enfants soient alphabétisés en allemand ou en français.

La table ronde a réuni une représentante du ministère de l'Éducation nationale, la présidente du SEW/OGBL comme représentante des enseignants et deux chercheuses spécialisées dans ce domaine.. S'en est suivi une discussion riche en points de vue très divergents pour aborder ce sujet épineux.

José Luís Correia, secrétaire central du département des Immigrés de l'OGBL, qui a animé la table ronde avec Gilles Bestgen, secrétaire central adjoint du SEW, a commencé par saluer l'alphabétisation en français, très attendue par certains immigrés qui, depuis des décennies, voient leurs enfants abandonner l'école en raison de l'«obstacle» que représente l'allemand.

Pascale Engel de Abreu, chercheuse à l'Université du Luxembourg, spécialiste en psychologie infantile et en développement cognitif, a pris la parole en premier pour expliquer que les enfants sont «programmés» pour apprendre toutes les langues du monde sans aucun problème, sans effort, dès leur plus jeune âge. «La langue ne s'apprend pas nécessairement à l'école, contrairement à la littératie. Les enfants d'origine portugaise ou italienne auront probablement plus de facilité à s'alphabétiser en français, ce qui ne signifie pas qu'ils n'apprendront pas bien l'allemand plus tard», a-t-elle expliqué.

Pascale Engel de Abreu considère la possibilité de l'alphabétisation en français comme positive et dit comprendre ceux qui veulent faire un choix alternatif à l'allemand. Elle insiste toutefois pour que les immigrés utilisent leur propre langue maternelle avec leurs enfants, car, comme elle le rappelle, «il est largement prouvé que la bonne connaissance de la langue maternelle est essentielle pour l'apprentissage futur d'autres langues».

Suzana Cascão, chercheuse au LISER (Luxembourg Institute of Socio-Economic Research) et spécialiste des questions d'interculturalité et d'immigration, partage l'avis de Pascale Engel de Abreu. Portugaise mariée à un Italien, elle prend son propre exemple de ses enfants, arrivés au Luxembourg alors qu'ils étaient encore petits, pour illustrer que l'intégration linguistique n'est pas facile, ni dans le choix de l'école, ni pour les aider à faire leurs devoirs.

Francine Vanolst, directrice générale de l'enseignement fondamental au ministère de l'Éducation nationale, a présenté avec enthousiasme le projet pilote lancé en 2022 dans trois écoles du sud du pays – Dudelange Deisch, Oberkorn et Schifflange – et une dans le centre, à Larochette. Elle a déclaré que les instituteurs ont travaillé en parfaite synergie avec les parents, et que les deux parties ont échangé des conseils et des idées sur l'évolution des enfants. Le bilan retenu par le Ministère de l'Education nationale au bout des 3 années du projet pilote est très positif, «les enfants rentrant chez eux heureux d'aller à l'école et les enseignants satisfaits de voir des enfants immigrés motivés».

Vanolst a souligné la cohésion entre les classes de langues différentes, dont les élèves interagissent dans diverses activités, la langue la plus courante étant le luxembourgeois. Elle a ajouté que la deuxième langue (français ou allemand) arrive au même moment, quelle que soit la langue d'alphabétisation, à temps pour que les élèves l'apprennent sans risquer de prendre du retard par rapport à leurs camarades, qui ont choisi plus tôt la langue alternative pour apprendre à lire et à écrire (français ou allemand).

Francine Vanolst a assuré que le bilan après trois ans de projet pilote, sous l'observation d'experts luxembourgeois et internationaux, était suffisant pour avancer en toute sécurité avec le nouveau système pour l'année scolaire 2026/2027.

### Le SEW dénonce une « école binaire » à deux vitesses

Joëlle Damé, enseignante en primaire et présidente du SEW, est d'un avis bien plus nuancé. Elle doute fortement que les élèves alphabétisés en français puissent atteindre à la fin du fondamental un meilleur niveau en allemand qu'aujourd'hui, leur ouvrant ainsi plus les portes du secondaire classique. En effet, cela devrait être in fine le but de cette mesure, dans l'optique d'une moindre inégalité scolaire. Son scepticisme à l'égard du projet Alpha est encore renforcé par un autre constat: il n'existe tout simplement pas suffisamment de ressources et de personnel formé pour répondre aux besoins qu'une «école binaire» exigera inévitablement dans les années à venir. Afin de pallier le manque de personnel évident, des heures seront probablement retenues sur l'appui scolaire;ce sont les jeunes en difficulté d'apprentissage qui en paieront les conséquences. Sans parler du matériel pédagogique encore inexistant, dénonce-t-elle. «Le projet a démarré trop tôt, trois ans de retour d'expérience c'est insuffisant et nous ne serons pas prêts pour le cycle moyen-supérieur (lycée)», a déclaré la présidente du SEW.

Francine Vanolst essaie de tempérer: «Le choix entre deux langues permettra à de nombreux parents plus proches du français de mieux aider leurs enfants à faire leurs devoirs et à étudier».

Pour Pascale Engel de Abreu: «Parfois, une matière étudiée dans une langue difficile fait qu'elle est détestée, ce qui représente un risque pour les performances qui peut être évité en choisissant une langue plus appropriée».

Suzana Cascão a quant à elle estimé qu'«il vaut mieux ne pas accorder une importance exagérée à la maîtrise parfaite d'une langue, il vaut mieux en connaître plusieurs, car ce qui importe, c'est la communication à travers une langue véhiculaire connue de tous. Il sera également important de travailler beaucoup sur l'orientation vers le cycle secondaire, a-t-elle conclu, en ajoutant que « dans tous les cas, l'objectif est de grandir ensemble et non de créer des ghettos».

Joëlle Damé estime néanmoins que le projet Alpha présente des aspects positifs, comme celui de vouloir lutter contre le décrochage scolaire des élèves qui s'éloignent de l'école à cause de l'allemand.

### Le trilinguisme parfait n'a jamais existé au Luxembourg

Pascale Engel de Abreu a affirmé que «le trilinguisme parfait n'a jamais existé au Luxembourg». «L'importance de la langue luxembourgeoise a souvent été instrumentalisée, en fonction des contextes et des convenances», a-t-elle dénoncé. La chercheuse a rejoint Joëlle Damé sur le fait que «la véritable inconnue reste, en tout état de cause, l'enseignement secondaire, à savoir si les élèves alphabétisés en français seront prêts pour le lycée où l'importance des langues change». En effet, les sciences et les mathématiques, qui sont enseignées en allemand dans l'enseignement fondamental, sont enseignées en français dans le secondaire.

### L'allemand n'est plus un obstacle pour les élèves

Francine Vanolst a rappelé que «le projet Alpha a été créé principalement pour les élèves immigrés de langue maternelle latine (portugais, italien, espagnol, français, etc.), de plus en plus nombreux, et pour les enfants qui, au fil des ans, ont montré de grandes difficultés à étudier en allemand dans l'enseignement primaire», ce qui déterminait ensuite s'ils suivaient l'enseignement dit «classique», qui vise à les préparer aux études supérieures, ou l'enseignement «général» (anciennement appelé «enseignement technique»), qui préparait traditionnellement à une voie professionnelle.

En effet, les élèves de langue maternelle latine sont encore largement sous-représentés au secondaire classique. La réforme Alpha pourrait alors être une piste pour changer cette donne, si toutefois le niveau nécessaire en allemand peut être atteint.

Le débat a été animé avec parfois des opinions diamétralement opposées. L'une des dernières interventions du public est venue d'une jeune élève d'origine portugaise qui, s'exprimant en luxembourgeois, a fait une intervention qui a impressionné positivement l'assistance: «Pour moi, il a été difficile d'étudier dans une école luxembourgeoise, surtout à cause de l'allemand, sans compter que j'ai été victime de harcèlement et de discrimination. Mais j'ai réussi à surmonter tout cela. Ce que je demande à tous les enseignants, c'est d'être à nos côtés, de nous écouter, de nous guider, de nous conseiller, de nous faire sentir qu'ils nous accompagnent vraiment».




